

Lëtzebuerg, den 26. November 2020

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

*« Am Kader vun der energetescher Transitioun hin zu mëttelfristeg 100% erneierbaren Energien spillt de Stockage, op allen Niveauen vum System, eng essentiell Roll fir d’Versuergungssécherheet ugesiicht vun der inhärenter Volatilitéit vu Sonnen- a Wandenergie ze garantéieren.*

*Den nationalen Energie- a Klimaplang verweist an där Hisiicht virun allem op de Pentalateralen Energieforum, ouni awer konkret Projeten a Mesuren ze nennen.*

*Dowéinst wollt ech dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:*

- *Gëtt et e Gesamtkonzept fir de Stockage vun erneierbaren Energien zu Lëtzebuerg ? Wann net, ass geplangt esou ee Konzept auszeschaffen an dee Secteur zu Lëtzebuerg z’entwéckelen oder favoriséiert d’Regierung éischer den Import vu gespäichertem grénge Stroum bei Bedarf ?*
- *Wa jo, wéi gesäit dat Konzept aus ?*
- *Wéi eng Späicherkapassitéiten, opgeschlësselt no kuerz-, mëttel- a laangfristeger Späicherung, brauche mer zu Lëtzebuerg fir eng Versuergungssécherheet iwver dat ganz Joer ze garantéieren ? Ginn et Etüden zu deem Thema ? Wann net, huet den Här Minister wëlles sou Etüden an Optrag ze ginn ?*
- *Ass virgesinn, nei zentral Späicherméiglechkeeten ze bauen ? Wéi eng Technologien géifen an deem Fall an den Asaz kommen ? Wéi eng Kapassitéite si geplangt ?*



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Sinn nei Mesuren um Niveau vum Ennverbraucher virgesinn, fir de lokale Stockage z'encouragéieren ?*
- *Wéi eng zousätzlech Mesuren, nieft dem Stockage proprement dit, si vu Säite vum Energieministère geplangt fir d'Volatilitéit an engem Energiesystem, dat zu 100% op erneierbaren Energiequelle baséiert, ze geréieren, z.B. am Beräich vun der « demand response », d.h. dem Verréckelen vun der Demande op Momenter vun enger héijer Offer ?*
- *Investéiert de Lëtzebuerger Staat a Projeten am Beräich vun den erneierbaren Energien a vum Stockage am Ausland ? Wéi eng Projeten wieren dat genee ?*
- *Wéi wäit sinn d'Aarbechten am Pentalateralen Energieforum zu deem Thema ? Kann den Här Minister konkret Projeten an deem Beräich nennen ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten